CAMERA LUXEMBOURG

flash

le magazine



N° 2 Vol. 55 Septembre 2020

Editorial CAMERA LUXEMBOURG

Léif Memberen,

Géint Enn vun der Summerpaus a pünktlech fir d'Rentrée si mir frou, lech dës nei Nummer vum FLASH kënnen ze presentéieren, wou Dir vill gutt Biller aus verschiddenen *Digest*e vun dësem Joer kënnt genéissen.

Leider huet d'Corona-Pandemie eisem Aktivitéitsprogramm wärend gutt dräi Méint en ellene Strëch duerch d'Rechnung gemaach. A vu datt eng Kris normalerweis erfinderesch mécht, hu mir en neien Tool en Place gesat, fir online *Digest*e mat Bewäertung a Kommentaren ofzehalen. Ech soen all deene Merci, déi wärend dem Confinement bei dëser Aktivitéit äifreg matgemaach hunn, och wa mir eis Clubowenter am Lokal vermësst hunn. Esou bal wéi d'Gemeng eis nees den Accès an d'Victor Hugo Hal ginn huet, hu mir de Veräinssall esou amenagéiert, fir datt mir wéinstens virum Schluss vun der Saison nach zwou Versammlungen ënnert relativ normale Bedingunge konnten ofhalen, déi an der aktueller Situatioun en zimmlech groussen Uklang fonnt hunn, genausou wéi eis traditionell Agape.

Och wann Dir déi lescht Méint warscheinlech net esou vill Méiglechkeeten hat, fir Fotoen ze maachen, sou sinn ech iwwerzeegt, datt Dir an Ärem Archiv bestëmmt nach eng Rei héich qualitativ Biller wäert prett hunn, fir beim *46. Salon National* vun der Lëtzebuerger Fotofederatioun anzereechen (leschten Delai: 6. September) an datt Dir eise Club bei dëser wichteger Competitioun nees éierbar wäert vertrieden. Bei dëser Editioun sinn digital Biller gefrot, mat fräiem Sujet a mam Thema „Le portrait".
Ween sech da fotografesch op internationalem Niveau wëllt moossen, deen invitéieren ech ganz häerzlech beim Salon vu CAMERA, dem *8th Luxembourg International Digital Contest 2020*, matzemaachen (leschten Delai: 17. Oktober). Et wier net fir d'éischt, an ech hoffen och net fir d'lescht, datt Membere bei dësem Concours Acceptatiounen an esou guer national oder international Medaile géifen ergatteren.

Och wa mir net wëssen, wéi et mat der sanitärer Kris weidergeet, war de Comité mol optimistesch an huet lech fir déi nächst zwee Méint e variéierte Programm zesummegestallt: eng Konferenz mam Klimatolog Andrew FERRONE an e *Workshop* „Lightpainting" mam Carmen LEARDINI (Aktivitéiten, déi leider ausgefall waren an nogeholl ginn), eng speziell Fotosession am Studio, e Virtrag vum Andreas SCHINDLER an Thomas ROESSLER, e *Workshop* iwwert Landschaftsfotografie (zu dësem Thema och en Artikel vum Paul REDING an dësem FLASH) a villes méi.

Ech freeë mech, lech am September erëmzegesinn an hoffen, d'Clubliewen, wat mir all esou appreciéieren, nees kënnen opliewen ze loossen, wann och ënnert spezielle Konditiounen. Bis dohin, profitéiert vum deem flotten Hobby Fotografie a passt op lech an déi aner op!

Gilles SCHAACK, President

Adrien LAMMAR

Jos RODENBOURG

Jean-Paul ENGELDINGER

E PUER WEIDERFÉIEREND TECHNIKEN AUS DER LANDSCHAFTSFOTOGRAFIE EINFACH ERKLÄERT

Elo hutt Dir en neie Smartphone kaaft an Dir hutt d'Gefill, dass Är Landschaftsfotoen iergendwéi direkt besser domat ausgesi wéi mat Ärem ale Fotoapparat an dofir loosst Dir Är Systemkamera ëmmer méi oft doheem leien. Vläicht sollt der lech et nach eng Kéier iwwerleeën, well et ginn Techniken, déi bis elo esou nëmme schwiereg mam Handy ëmzesetze sinn.

Focal blending bspw. perspective blending

Bei dëser Technik benotzt de Fotograf zwou verschidde Brennwäiten. Stelle mer eis eng Biergzeen mat Blummen am Vierdergrond vir. Esou gëtt de Vierdergrond zum Beispill mat 14 mm Brennwäit fotograféiert mat focus stacking (mir kommen nach dozou) an den Hannergrond, wat Bierger sinn, mat 24 mm Brennwäit. D'finaalt Resultat ass dann eng Foto, wou de Vierdergrond grouss ausgesäit an d'Bierger am Hannergrond net ze kleng ginn. Wier d'Foto just mam 14 mm Objektiv gemaach ginn, wieren d'Bierger ganz kleng ginn a géifen d'Realitéit net representéieren.

Focus stacking

Hei gi méi Fotoe vum selwechte Motiv gemaach, awer et gëtt ëmmer op en anere Punkt vum Bild schaarf-gestallt. Esou erreecht een eng grouss Schäerfendéift. Genau wéi an der Makrofotografie kann een dëse Prinzip uwenden, fir seng Landschaft vu vir bis hanne perfekt schaarf ze kréien. Vill ofblenden ass dann net méi néideg. Méi komplizéiert gëtt et awer, wann sech e puer Objete ganz no un der Kamera befannen oder et net méi ganz hell dobaussen ass kombinéiert mat Wand.
Time blending: Als Landschaftsfotograf kann een higoen, wann een owes zum Beispill de Stären-himmel fotograféiert, einfach eng Opnam vum Himmel maachen, déi ee beispillsweis 20 Sekonne beliicht an dann eng aner Foto vum Vierdergrond maachen, déi een e puer Minutte beliicht. Duerno kombinéiert een déi zwou Fotoen an engem Bildveraarbechtungsprogramm. Vill besser ass et awer, fir datt näischt komplett schwaarz am Bild gëtt, wann een éischter op d'Plaz geet an de Vierdergrond an der bloer Stonn fotograféiert, da waart bis een d'Stäre gesäit an sech duerno drop konzentréiert, fir déi am Bild festzehalen. E stabilt Stativ ass natierlech dee Moment wichteg.

Low level landscape lighting (LLLL)

Bei dëser Technik geet et drëm, fir mat enger duusser Liichtquell, wéi zum Beispill enger LED, d'Landschaft an der Nuecht ze beliichten an esou Detailer erauszeschaffen - Detailer, déi soss just als Silhouetten duer-gestallt géife ginn oder potenziell guer net op der Foto ze gesi wieren.

Bracketing (Beliichtungsrei)

Et handelt sech ëm eng Serie vu Fotoe bei deenen een oder och emol méi Opnameparameter (ISO, Zäit, Blend) vum Fotograf verännert ginn iiwwerdeems wou d'Kamera op engem Stativ steet. Herno um PC ginn d'Fotoen zesummegesat an et huet een eng Foto mat vill méi Dynamikëmfang. Wat als Resultat ze evitéieren ass, ass den HDR-Look. Dat mécht den Handy och, d'Resultat ass awer net esou gutt a warscheinlech am JPG-Format an net am RAW.

Image stacking vum Nuetshimmel

Et gi méi Fotoe vum Stärenhimmel gemaach an duerno iwwerenee geluecht fir d'Rauschen ze reduzéieren. Smartphone maachen dat oft softwareintern, mee mat de Stären hunn se Problemer.
Laangzäitbeliichtung vu Waasser trotz Wand am Bësch: D'Duerchféierung vun der Laangzäitbe-liichtung geet d'selwecht wat dat fléissend Waasser ugeet wéi wa kee Wand wier, mee et muss dru geduecht ginn, fir vun de Beem ronderëm eng extra Opnam mat enger ganz kuerzer Beliichtungszäit ze maachen. Déi zwou Opname ginn duerno zesummegesat.
Doheem um Computer gëllt et dann sech drëm ze këmmeren, déi vill Fotoe vun engem Motiv zesummenze-setzen, heiansdo iwwer drësseg, an zwar esou, dass et realistesch oder op d'mannst interessant ausgesäit.

Paul REDING

Foto 1: Handyfoto

Foto 2: Bei dëser Foto ass de Vierdergrond mat engem 16 mm Objektiv fotografëiert ginn. Fir alles schaarf ze kréien, gouf de Fokus gestacked. Eng LED gouf benotzt, fir d'Blumme méi hell ze kréien, dat Ganzt wärend der bloer Stonn.
Den Himmel vun der Foto gouf mat engem 14 mm Objektiv (f1.8) mat Startracker e puermol fotografëiert an duerno gestacked.



Michel FOEHR

Michèle LAMESCH-JUNIO

Andreas SCHINDLER

Martin PATZ

Adrien LAMMAR

Fred WEISGERBER

PROGRAMME

10.09.20 20:00 I Club ***DIGEST* « RENTRÉE »**

Cette soirée sera principalement consacrée à la présentation de vos photos que vous aurez prises lors des vacances ; nous espérons que vous aurez réussi à réaliser quelques photos originales de votre dernier voyage.
Ceux qui sont motivés à participer au *8th Luxembourg International Digital Contest 2020* (dernier délai: 17 octobre 2020) peuvent profiter de ce *digest* pour être guidés lors de la sélection définitive et obtenir encore quelques conseils.

17.09.20 20:00 I Club **CONFÉRENCE AVEC INVITÉ SPÉCIAL**

La réussite d'une bonne photo nature dépend souvent des conditions météorologiques sous lesquelles elle est prise. Cette soirée nous avons la chance de pouvoir accueillir Monsieur Andrew FERRONE qui travaille au service météorologique de l'Administration des Services Techniques de l'Agriculture du Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural. Le climatologue nous fournira des rudiments de météorologie grâce auxquels nous espérons mieux pouvoir prévoir le temps par l'interprétation du développement ou du mouvement des nuages par exemple.

24.09.20 **SORTIE PHOTOGRAPHIQUE**

En ce tout début d'automne, nous vous proposons de nouveau une sortie nocturne avec, cette fois-ci, un défi spécial : toutes les photos sont censées être prises avec une focale fixe de 35 mm (appareil à capteur APS-C) respectivement de 50 mm (appareil à capteur plein format). Espérons que le temps sera encore clément et que nous capturerons des images intéressantes !
N'oubliez pas d'apporter votre trépied afin d'éviter tout bougé.
L'heure exacte et l'endroit du rendez-vous seront communiqués en temps utile.

01.10.20 20:00 I Club **PRISES DE VUES « SURRÉALISME »**

En vue de la création d'une ou de deux photos du genre surréaliste, nous allons d'abord planifier avec vous, sur base de l'une ou l'autre idée, les mises en scène et faire plusieurs prises de vues au studio. Ensuite nous vous montrerons, à l'aide d'un traitement d'image en *Photoshop*, comment assembler les différentes images en une seule pour obtenir une œuvre surréaliste. Une soirée qui risque de devenir passionnante !

08.10.20 20:00 I Club ***DIGEST* « SORTIE PHOTOGRAPHIQUE »**

Nous allons procéder à l'analyse de vos prises de vues réalisées lors de la soirée du 24 septembre. Veuillez faire au préalable un choix judicieux (maximum 3 photos) et optimiser les images au maximum. N'oubliez pas de nommer vos fichiers correctement (numéro de séquence, nom de famille et prénom (ex. : 1_DUPONT Jean, 2_DUPONT Jean, …)).
Ceux d'entre vous qui n'ont pas pu participer à notre sortie sont bien sûr aussi invités à apporter quelques photos.
Grâce à notre nouvel outil de jugement à points performant, nous aurons le classement des œuvres en un tour de main et il vous restera ainsi le temps nécessaire pour commenter les images et à présenter votre point de vue !
Pour le jugement, n'oubliez pas d'apporter votre téléphone portable ou une tablette.

Le programme de septembre à novembre 2020

15.10.20 20:00 I Club ***WORKSHOP* « PHOTOGRAPHIE DE PAYSAGE »**

Étant donné que notre club compte un certain nombre d'adeptes de la photographie nature, Michel FOEHR et Paul REDING vous présenteront les principaux critères à remplir pour obtenir une image de qualité et vous dévoileront une série de techniques pour mieux réussir vos prises de vues.

22.10.20 20:00 I Club ***WORKSHOP* « LIGHTPAINTING »**

Carmen LEARDINI nous fera d'abord une introduction dans une technique passionnante du *lightpainting* qui consiste à peindre une surface avec de la lumière et à modeler la lumière pour créer des compositions variées. Ensuite vous êtes invités à faire des prises de vues en équipe moyennant votre appareil de photo. Ne manquez donc pas cet atelier très créatif et hors du commun ! **N'oubliez pas d'apporter votre trépied.**

29.10.20 20:00 I Club **CONFÉRENCE**

Notre membre Andreas SCHINDLER, photographe professionnel auprès de la *Bundeswehr*, nous fera un exposé sur différents domaines d'activité de son client et nous racontera un certain nombre de ses expériences quotidiennes. Les principaux sujets abordés seront les travaux de relations publiques et la base de données de la *Bundeswehr* ainsi que le parcours personnel en tant que soldat et les défis du travail photographique d'Andreas.
Par ailleurs, l'initiative *PixxelCult*, un projet photographique de la Grande Région, vous sera présenté par Thomas ROESSLER. Dans ce contexte, Andreas vous montrera une partie de ses œuvres avec lesquelles il compte participer au concours de *PixxelCult*.
Les présentations se feront en allemand.

05.11.20 20:00 I Club ***DIGEST* « SÉRIES »**

Comme chaque premier jeudi du mois, nous allons procéder à l'analyse de vos œuvres. Veuillez apporter cette fois-ci une seule série de 3 à 5 photos aussi cohérente que possible. Nous analyserons aussi bien l'homogénéité que la qualité photographique des images.

Laurent NILLES

Lu pour vous

Comment la photo évolue-t-elle de l'état de « sous-art » vers un instrument politique, un véritable art avec ses techniques et son propre langage qui suit les mouvements sociaux et les influence à son tour ?
Le livre de Gisèle Freund « Photographie et société », sorti en 1974 aux Editions du Seuil, aborde les différents aspects de la photographie et de son histoire en rapport avec l'histoire de la société.

Chaque moment de l'histoire voit naître des modes d'expression artistique particuliers, correspondant au caractère politique, aux manières de penser et aux goûts de l'époque

Gisèle Freund
Photographie et société
Editions du Seuil, 1974

Cela veut dire que si la photographie est née en 1839, la société a été prête à voir son reflet le plus juste, critique, réaliste. Mais aussi qu'il y avait des gens qui ont été capables de contribuer à son développement, à ses études et à sa reconnaissance en tant que médium indépendant.
Les transformations dans la société changent notre perception du monde mais aussi celle de l'information visuelle qui nous entoure.
Si aux débuts de la photographie elle a été considérée comme la copie de la réalité, avec les critiques comme celles de Roland Barthes on a commencé à parler de son influence sur notre perception de la vie.
Avec les nouvelles technologies et la popularisation de la photographie amateur, on commence à se poser des questions sur le métier de photographe mais aussi sur la crédibilité des images qu'on voit. Comme le dit Gisèle Freund, les nouvelles formes d'expression artistique naissent à partir des exigences particulières de leur temps.
Par exemple, comme aujourd'hui on est submergé par le flux d'information, on devient plus informé sur l'actualité internationale. De manière concomitante, on devient plus méfiants de l'information reçue, on essaie de croiser les sources et de remettre les choses en question.
Dans les années 2000, les médias sociaux comme Facebook, Twitter et Instagram font apparaître une autre forme d'information : le journalisme (et évidemment le photojournalisme) citoyen.
Désormais, chaque personne peut contribuer à la création de l'information. Les nouveaux outils, tels que les petites œuvres multimédia, ou les sites d'information interactifs correspondent aux besoins de notre société d'aujourd'hui, à notre désir d'être informés mais aussi de visualiser toute l'information.

Lu pour vous sur le site de Diaph8
www.diaph8.org

OPTIQUE RODENBOURG

34, RUE PHILIPPE II L-2340 LUXEMBOURG

NEW!

LEICA Q2

Accept nothing but perfection.

The new Leica Q2 will expand your creative freedom thanks to its high resolution and best-in-class protection against dust and spray water. Equipped with a newly developed 47.3 MP full-frame sensor, the fastest lens in its class and a precise autofocus, the camera delivers ultimate image quality and flexibility across a variety of genres. As a professional tool for available light photography in challenging conditions, the Leica Q2 will enable you to go beyond limits to attain the perfect image.

Find more inspiration at www.q2.leica-camera.com

LECUIT photo equipment & more

lecuit photo equipment | 3, rue des joncs | L-1818 howald | www.lecuit.lu

CAMERA LUXEMBOURG
CCPLLULL LU76 1111 0246 3796 0000
boîte postale 104
L-2011 Luxembourg
60, avenue Victor Hugo
L-1750 Luxembourg
www.cameralux.lu
contact@cameralux.lu

Rédaction: Gilles SCHAACK Mise en page: Carmen LEARDINI